PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/06/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

En Artikel vum RTL vum 27.05.2022 behandelt d'Thema vun der Legaliséierung vum Slalom fueren am Stau. Enger Ëmfro vum RTL 5minutes no hunn 73 Prozent dofir gestemmt, dass et als Motoradsfuerer erlaabt sollt sinn am Stau tëscht den Autoen ze fueren. D'Diskussioun ass ënnert anerem opkomm, well de Slalom am Stau an der Belsch an a Frankräich a verschiddenen Departementer legal ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi oft huet d'Police an deenen leschten 2 Joer op den Autobunnen d'Slalom fuere vu Motoen kontrolléiert?

2. Wéi vill Protokoller goufen dobäi erstallt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député